

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass amgaangen. D'perséinlech Stëmme fir d'éischt. Vote par procuration. Et feelt nach ee Vote.

(Brouhaha)

Gutt, da schléisse mer awer elo of.

De Projet de loi 5986 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par Mme Martine Stein-Mergen), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 1

Mir kommen zur Motioun vun der honorabler Madame Flesch. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien d'accord ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Ech gesinn, dass dat d'Unanimitéit mécht.

Sou, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Projet de loi iwwert d'Informatik bei der Douane. Rapporteur ass hei den honorabelen Här Hauptert. Här Hauptert, Dir hutt d'Wuert. Ageschriwwe sinn den Här Meisch an den Här Fayot.

(Brouhaha général)

4. 5880 - Projet de loi relative au financement d'une solution informatique permettant la création d'un environnement sans support papier pour la douane et le commerce

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Norbert Hauptert (CSV) rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Vote vum Projet 5880 verfügt d'Regierung iwwer eng finanziell Enveloppe vun 29,6 Milliounen Euro fir d'Realisatioun vum Projet „paperless“ Douane a Commerce, dat heescht en Ofwéckele vun den Douanesformalitéiten am grenziwwerschneidende Wuerentransport ouni Paperassen.

Dëse Projet reit sech an d'Beiméiung vun der Regierung an, fir de Bierger, awer och besonnesch de Betriber hir administrativ Aarbechten esou wäit wéi méiglech ze vereinfachen a se zu engem groussen Deel vu lästige Paperassen ze entlaaschten, wat

hinne vill Aarbecht an domadder vill Suen erspuert.

Derniewent soll de System d'Organisatioun vun den Douaneskontrolle méi effikass gestalten, fir esou d'Frauden, déi organiséiert Kriminalitéit an awer och den Terrorisme besser bekämpfen ze kënnen, an doduerch déi finanziell Interêt vum de Länner ze assuréeieren, d'Gesondheet vun de Leit an de Schutz vun der Ëmwelt ze assuréeieren.

De Projet soll sech iwwer eng Rei vu Joren erstrecken a bis 2014 ofgeschloss sinn. An Zukunft soll et also méiglech ginn, datt bei der Importatioun vu Wueren aus engem EU-Stat...

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

...déi Donnéeën, déi am Exportland elektronesch enregistriert ginn, direkt an d'Land vum Importateur weidergereecht ginn, ouni datt deen erëm bei sech am Land eng nei Deklaratioun maache muss.

Soubal d'Wueren am Ausland ofgefäerdegte sinn, ginn d'Formalitéiten elektronesch an d'Destinationsland weidergereecht a si beim Client ukomm, ier d'Wueren iwwerhaupt geliwwert sinn.

Och soll et engem Exportateur an Zukunft méiglech sinn, eng Déclaration sommaire entrée et sortie un all Grenzposten an der EU, déi säi Wuerentransport passéiere muss, weiderzeleeden, fir esou d'Offäerdege vun dem Transport op deenen eenzelne Posten ze assuréeieren a méi expeditiv ze gestalten.

Anerersäits solle sämtlech Reglementer vun allen europäesche Länner, déi am grenziwwerschneidende Wuerentransport verlaangt ginn, elektronesch ofluedbar ginn, sou datt eng Exportfirma net méi déi verschidde Verwaltungen am Ausland kontaktéiere muss, fir den einwandfräien Oflaf vun engem Export ze garantéieren.

E Guichet unique soll an all Land geschaf ginn, deen de Betriber erlaabt, eng eenzeg Kéier all Informatiounen, déi vun deene verschidde Verwaltungen a Relatioun mat de grenziwwerschneidende Wuerentransporter verlaangt ginn, elektronesch festzeschreien, déi dann un déi eenzel Administratioun weidergeleet ginn. Eng wesentlech Vereinfachung fir d'Betriber, déi am Import-Export-Geschäft tätég sinn.

Mat dësem Projet erfëlle mer och d'Obligatiounen, déi iwwer europäesch Décisiounen am Kader vun der Lissabon-Strategie un eis erugebroe gi sinn, an zwar d'Décisioun vum Joer 2003 iwwert d'Informatiounen vum Floss an der Kontroll vun de Wueren, déi den Accisen ënnerleien; d'Décisioun vum Joer 2004 iwwert d'Interopéabilitéit vun den europäeschen Administratiounen, a schlussendlech d'Décisioun aus dem leschte Joer, dem Joer 2008, iwwer eng „paperless“ Douane a Commerce.

D'Avantagë vun dësem Projet sinn evident: fir de Commerçant méi e schnelle Wuerefloss, administrativ Vereinfachung an domat Käschtenspuernësser; Accès un e Portail unique; besser Informatiounen iwwer Internet; méi loyal Konkurrenz, well d'Fraudë besser an de Grëff geholl kënnen ginn; fir d'Verwaltung méi Zäit fir d'eigentlech Kontroll vun Wuerefloss, an domat eng besser Kontroll iwwert d'Anzéie vun den Douanes an den Acciserechter; méi eng grouss Sécherheet iwwert d'Donnéeë vum Wuereverkéier, déi den Accisen ënnerleien; méi e korrekt Erhiewe vun den Douanes- an Acciserechter; méi eng effikass Kontroll duerch eng besser Gestiou vum de cibléierte Risiken, a wéineger Archiven an domadder eng bësser Aarbechtsraumdeelung.

Den ursprénglechen Text hat eng Enveloppe vu 24 Milliounen Euro fir déi véier verschidden Etappe vun der Realisatioun vum Projet bis d'Joer 2010 virgesinn. D'Kommissioun war awer der Meinung, et sollt ee gläich eng Enveloppe fir de gesamte Projet virgesinn, an zwar bis de Projet ofgeschloss ass am Joer 2014, sou datt d'Kommissioun proposéiert huet, de Kredit op 29.658.000 Euro eropzesetzen.

De Conseil d'État an déi verschidde Beruffschamberen hunn en Avis favorable zum Projet ginn. D'Kommissioun huet mäi Rapport eestëmmeg ugeholl a schléit dem Plenum vir, de Projet de loi esou ze stëmmen, wéi en hei virläit.

Ech bréngen domadder d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Den honorabelen Här Meisch huet d'Wuert.

Discussion générale

» M. Claude Meisch (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Norbert Hauptert, dem Rapporteur, Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport, deen op d'Komplexitéit vun dësem Projet higewisen huet, deen och dorop higewisen huet, firwat een a Richtung vun enger Douane ouni Pabeier higeet: Well et méi einfach ass, well et méi effikass ka sinn, well mer net nëmmen doduerjer Ressourcen a Form vu Pabeier spueren, mä well mer virun allem eng aner Aarbechtsorganisatioun an enger Verwaltung kënnen kréien, déi dozou féiert, datt d'Verwaltung aneschtens, besser, méi performant ka funktionnéieren.

Mir hoffen awer och, datt d'Verwaltung doduerjer am Kontakt mat den Entreprisë méi effikass a méi kulant ka funktionnéieren, datt et also och zu enger Aarbechtsrelichterung op där anerer Säit vun de Betriber wäert kommen.

Dëse Projet huet op där enger Säit e Käschtetepunkt, an et ass gutt, datt et e Gesamtkäschtetepunkt gëtt fir d'Ëmsetzung vun deem Projet, datt d'Chamber och weess, wann déi éischt Schrëtt gemaach sinn, wat et bis zum leschte Schrëtt da kascht mat deenen 29,6 Milliounen bis an d'Joer 2014.

Opgrond vun deem, wat hei erkläert ginn ass, wat och schon am schrëftleche Rapport virgedroe war, kann d'Demokratesch Partei an eis Fraktioun dësem Projet nëmmen zoustëmmen.

Et wär interessant natierlech, wann eng Verwaltung wéi déi doten ouni Pabeier kéint funktionnéieren, fir och ze kucken, wéi ee Schrëtt fir Schrëtt op aner Verwaltungen kéint de Prinzip vun der Verwaltung ouni Pabeier ausweiden an ëmsetzen, fir datt mer och do nei Organisatiounsstrukture kéinten kréien, déi méi Effikassitéit kéinten assuréeieren a gläichzäiteg och ressourcëschounend kéinte virgoen.

Villmools Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Meisch. Wëllt soss nach een d'Wuert hunn?

Wann dat net de Fall ass, Dir Dammen an Dir Hären, da komme mer zum Vote iwwert de Projet de loi.

Ee Moment nach, mir hunn e Problem hei zu menger lénker Säit.

(Hilarité)

Här Bettel, da sot emol, déi Kolleegen, déi nach do sinn, déi solle wann ech gelift endlech kommen.

(Interruptions diverses)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass amgaangen. Vote par procuration.

(Brouhaha général)

Mä et ass kee Problem, Dir braucht nëmmen heibannen ze bleiwen.

De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5880 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Marc Angel), M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Roland Schreiner), Jos Scheuer (par Mme Lydia Mutsch), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);

MM. Eugène Berger (par M. Charles Goerens), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Fernand Etgen);

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote

constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Nächste Punkt op eisem Ordre du jour ass de Projet iwwert d'Verstärke vun de Strukturen vun der Douanesdirektioun. Hei ass de Rapporteur och den honorabelen Här Hauptert. Dir hutt direkt d'Wuert, Här Hauptert.

5. 5901 - Projet de loi portant renforcement des structures de direction de l'Administration des douanes et accises

Rapport de la Commission des Finances et du Budget.

» M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet 5901 schléisst d'Beiméiung vun der Regierung of, fir de Fiskaladministratiounen déi néideg Strukturen ze verschafen, fir hire wichtegen Aufgaben op nationalem an internationalem Plang gerecht ze ginn. An där Optik hu mer an deene leschte Jore verschidde Gesetzer gestëmmt iwwert d'Reorganisatioun vun der Steierverwaltung an dem Enregistrement souwéi datt wichtegt Gesetz iwwert den Austausch vun den Informatiounen tëscht deene verschidde Fiskalverwaltungen an dësen Administratiounen mat anere Verwaltungen aus dem Stat.

D'Zil vun dësem Projet ass en duebelt: éischstens, d'Strukture vun der Douanesverwaltung esou ze gestalten, fir déi komplex Aufgaben, déi op nationalem Plang a besonnesch am Kontext vun der Europäescher Unioun u si erugebroe ginn, optimal ze assuréeieren, an zweetens eng Harmonisatioun an de Strukturen vun deenen dräi Fiskalverwaltungen - dat heescht der Steierverwaltung, dem Enregistrement an der Douanesverwaltung - erbäizeféieren.

An deem Sënn gesäit de Projet d'Kreatioun vu Poste vun zwee Directeurs adjoints an der Carrière supérieure vun der Douanesverwaltung vir, déi am Grad 16 vun der Carrière administrative vun der Statsverwaltung agestuift ginn. Bis elo war den Directeur adjoint vun der Douane am Grad 14 vun der Carrière moyenne aklasséiert. Mat dëser Dispositioun gëtt d'Douanesverwaltung op deeselwechten Niveau wéi d'Steierverwaltung an den Enregistrement gesat.

Des Weidere gesäit de Projet d'Afféiere vun enger Filière informatique an deenen zwou ieweschte Carrière vun der Verwaltung vir, déi de Projet „paperless“ Douane, dee mer elo grad hei gestëmmt hunn, optimal begleede sollen.

Derniewent gesäit de Projet d'Kreatioun vun zwou neien Divisiounen an der Verwaltungsstruktur vun der Douane vir, an zwar eng Division technique de l'information et de la communication am Sënn vun enger erweiterter Informatisatioun vun der Douane, an eng Division des relations internationales, fir der erweiterter Roll vun der Verwaltung um europäesche Plang Rechnung ze droen.

Des Weidere soll iwwert de Projet d'Méiglechkeet vun der Kreatioun vu Postes hors cadre an der Carrière moyenne vun der Douanesverwaltung geschaf ginn, fir der Verwaltung méi Flexibilitéit bei der Promotioun vun hire Beamten an der Besetzung vu wichtige Posten ze verschafen.

De Statsrot huet mat e puer Remarquen en Avis favorable zu dësem Projet ofginn. D'Finanz- an d'Budgetskommissioun huet mam Averstännis vun der Regierung eng Rei vun Amendementer zum Projet proposéiert. Esou huet d'Kommissioun zum Beispill virgeschloen, d'Division du contentieux, des enquêtes et recherches op Division contentieux et coopération ëmzedeeften.

De Conseil d'État huet déi Ännerung begreisst, well se méi eng kloer Distinctioun tëscht de Services, déi sech engersäits mam Contentieux an anerersäits mat den Enquêtes befaassen, mécht.

D'Kommissioun huet dem Statsrot seng Propos vun enger Vereinfachung vum Paragraph 2 vum éischten Artikel net gefollegt, well soss all Fonctionnaire vun der Douanesverwaltung an Zukunft hätte misse vum Grand-Duc genannt ginn, well en Deel vun den Ernennunge ginn haut vum Minister virgeholl. Duerfir huet d'Kommissioun och gemengt, net där Ännerung vum Statsrot nozekommen, an de Statsrot huet och a sengem Avis complémentaire Verstännis fir d'Situatioun vun der Kommissioun geholl.

D'Kommissioun huet de Rapport esou, wéi ech e virgeluecht hat, och eestëmmeg ugeholl a schléit dem Plenum vir, fir de Projet esou ze stëmmen, wéi en hei virläit.

Ech bréngen och domadder den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Hauptert. Wa kee méi eppes bäizeflécken huet deenen ausféierleche Remarquë vum Rapporteur, da kéime mer zum Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5901 ass och mat der Stëmm vum Här Etgen ugehall,...

» **Plusieurs voix.** - Ah!

» **M. le Président.** - ...mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Michel Wolter), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Ben Fayot), M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Lydie Err), Jos Scheuer (par M. Marc Angel), Romain Schneider (par M. Jean-Pierre Klein) et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Alexandre Krieps);

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et also esou décidéiert.

Mir kommen zu der Duebelbesteierung vu Lëtzebuerg mat den Arabeschen Emiraten a mat Aserbajdschan. Den Här Thiel ass déi éischte Kéier Rapporteur, den Här Mosar duerno, an da maache mer d'Diskussioun.

» **Une voix.** - Okay.

» **M. le Président.** - Mir huelen déi zwee Projete mateneen an d'Diskussioun...

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - ...no den zwee Rapporteurs. Den Här Thiel huet d'Wuert.

6. 5767 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Émirats Arabes Unis tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et de son Protocole, signés à Dubai, le 20 novembre 2005

5799 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Azerbaïdjan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Bakou, le 16 juin 2006

Rapport de la Commission des Finances et du Budget sur le projet de loi N°5767

» **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur.* - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, dat Duebelbesteierungs- ofkommes oder eigentlech - méi richteg - dat Netduebelbesteierungsofkomm'es, dat eis Chamber haut ofseene soll, ass dat 53., dat eist Land mat engem anere Land ofschléisst.

De Partner op där anerer Säit ass net een, mä et sinn der eigentlech siwen, well et handelt sech ëm eng Federatioun vu siwe weiderhin autonome Scheichtümer um Arabesche Golf, déi sech 1971 zu de Vereenegten Arabeschen Emirater zesummege-schloss hunn a säithier ënnert dem Zepter vun engem ieweschte Rot fonctionnéieren, deen aus deene siwe Scheiche besteet.

Obwuel déi offiziell Hauptstadt Abu Dhabi ass, wou och déi gemeinsam Zentralbank ugesiedelt ass a wou d'Sue konzentréiert sinn, ass et awer Dubai, dat am meeschte vu sech schwätzen deet.

Dem Scheich Maktoum seng Airline Emirates, déi jiddweree kennt, huet d'Ambitioun, den „number one“ op der Welt ze ginn, a si ass och déi éischt, déi mat dem Airbus 380 opgetrompt huet. Zu Dubai steet och deen deiersten Hotel vun der Welt, de Burj al-Arab, an et gëtt do gebaut, datt d'Fatzen ewechfuere.

Allerdéngs ass dee Glanz an der Wüst mat der Zäit elo eppes méi blatzeg ginn, well d'Clienten aus dem Westen net méi esou gutt bei Keess si wéi fréier. Et gesäit souguer esou aus, wéi wann déi aner Scheichen dovun profitéiere wëilten, fir zu hirem Kolleeg vun Dubai opzeschléissen.

Nodeem dee seng Palmeninsel mat de Milli-närsvillaen an d'Mier gegrafft a seng eege Schipist - „indoor“ natierlech - a Betrib geholl huet, plangt elo den Emir vun Abu Dhabi och esou eng Insel, déi dann „d'Pärel“ heescht, a setzt sech, amplaz vun enger Schipist, fir 83 Milliounen Dollar elo eng Filial vum Paräisser Louvre a sai Sand.

» **Une voix.** - Et ass den Näid, deen do matschafft!

(Hilarité)

» **Une autre voix.** - Genau!

(Hilarité)

» **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur.* - Wéi gesot, an der Golfregioun a virun allem an deene siwen Emirater fluppt et weider, trotz der Kris.

Och wann hir Bourssen ëm déi 160 Milliarden Dollar an deene leschte Méint verbrod'en hunn, sinn d'Golfstaten nach ëmmer déi Boomregioun vun der Welt. Eleng d'Emirater hunn 2007 gen'ee 63 Milliarden Dollar mat hirem Uelech geloust. Deemools louch de Barrel-Duerchschneëtsp'rais bei 70 Dollar. Dat Joer duerno war e souguer op 100 Dollar geklommen. An domat kënn't Der lech dann och ausrechnen, wat lescht Joer an d'Keess koun.

Kee Wonner, datt do d'Emirater am Geld schwammen, mat Ausnahm allerdéngs vun Dubai, dat keen Uelech méi huet an duerfir säin eegene Boom op Puff finanzéiere muss, allerdéngs mam Geld vum Kolleeg vun Abu Dhabi.

D'Statsfongen am Golf, inklusiv déi vu Saudi-Arabien allerdéngs, g'ériere ronn 1.200 Milliarden Dollar, an déi vun Abu Dhabi eleng, d'Abu Dhabi Investment Authority ass mat 875 Milliarden Dollar deen d'cksten op der ganzer Welt.

Hei dreeme jo och verschidde Leit vu sou-ver'ane Fongen. Abee, da musse mer emol kucken, wéi vill där Milliarde mir géifen zesummekréien.

Mat deene Sue léisst sech natierlech eppes ufänken. Domat kann ee Flughäfen, Hotel-len a Marinaen en masse bauen. Am Moment si Projete fir ëmmerhin 2.300 Milliarden Dollar an den Emiraten am Bau.

Oder et kann een duerch d'Welt shoppe goen a sech zum Beispill, wéi dat virun e puer Woche geschitt ass, emol einfach esou 10% vum Kapital vu Mercedes-Benz ënnert den Nol räissen.

Eiser neier arabescher Braut feelt et deemno net un Attraktivitéit. Jiddefalls geet et duer, fir vun deene fréiere räiche Länner ëmgaachelt ze ginn, deenen et am Moment manner gutt geet an déi duerfir schaarf op de Scheichen hir Sue sinn. Dobäi waren et net emol mir, déi dohinner freie gaange sinn, mä et waren d'Emiren, déi bei eis komm sinn.

D'Scheichen haten 1996 gefrot, fir en Duebelbesteierungsofkomm'es mat eis ofzeschléissen. Mä mir waren deemools net ganz presséiert, net ganz waarm, ënner

anerem, well de Steiersystem vun den Emiraten, deen an der Diplomatesprooch mat deem elegante Begrëff „Fiscalité légère“ ëmschriww'e gëtt, d'Begeeschterung vun eisen Autoritéite gebremst huet.

Wéi et sech awer mat der Zäit erausgestallt huet, datt een nach ewell Geschäfte mat den Emirate maache kéint an datt en Duebelbesteierungsofkomm'es sech eleng scho wéinst eiser Cargolux méi wéi bezuelt maache géif, déi dacks en Zwëschestopp am Golf mécht - wéi Der wësst -, wa se an de Fernen Oste flitt, du si mer awer op de Goût komm an hu schliesselech Enn November 2005 am Kader vun enger Wirtschafts-missioun zu Dubai de Protokoll iwwer en Duebelbesteierungsofkomm'es ënnerschriwwen.

Den Accord ass nom übleche Muster gestréckt mat ville Renvoien op de Modell vun der OCDE, mat detailléierte Regele fir d'Besteierung vun deenen diversen Akommesquellen, souwuel fir d'Privatleit wéi fir d'Entreprises, an - ganz wichteg fir d'Cargolux - mat engem réckwierkenden Effet op d'Joer 2000.

Souguer eis Holdingen, déi systematesch bei den Duebelbesteierungsofkomm'es ausgeklamert gi sinn, well si jo iwwerhaupt kenger Kierperschaftssteier bei eis ënnerleien, hunn d'Emiraten toleréiert. Dat wäert eis allerdéngs net vill notzen, well d'Bréisseler Kommissioun huet eis jo gezwongen, eis Holdinge bis Enn 2010 ofzeschaffen, well no engem hallwe Jorhonnert festgestallt gi war, datt d'Holdinge vun 1929 net konform zum EU-Recht wieren.

Wéi ëmmer ass och bei dësem 53. Accord déi Bestëmmung aus dem Artikel 26 vum OCDE-Modell ausgeklamert ginn, déi en Informatiouns-austausch tëschent de Steier-verwaltunge virgesäit. Et d'äerf een net vergiessen, datt d'Konventioun schliesselech méi wéi dräi Joer virun deem fatalen 13. März 2009 ofgeschloss gouf, wou Lëtzebuerg sech mat enger Rëtsch anere Länner dem Drock vun deene Groussen huet misse béien a sech dozou bereet erkläre misse, an Zukunft Informatiounen fir steierlech Zwecker auszetauschen.

Duerfir steet och elo an dësem Accord nach näischt vun deem Informatiouns-austausch, deen an Zukunft feste Bestanddeel vun esou Konventiounen wäert ginn. Dat ass och de Grond, firwat déi Duebelbesteierungs-konventiounen, déi et scho gëtt, elo wäerten nogebessert ginn. D'Verhandlungen an deem Sënn si jo scho mat Amerika gefouert an och vum Minister Frieden virun e puer Deeg ofgeschloss ginn. A mat Däitschland a mat Frankräich si se, souwäit wéi ech weess, ugelaf.

Och mat den Emirater soll elo en ähnlechen Accord fonnt ginn an dann nach virum Enn vum Joer un dës Konventioun drugepecht ginn. Mir musse jo esou séier wéi méiglech mat enger Dosen anere Länner eens iwwer en Zousaz zu den Duebelbesteierungsa-cordé ginn, well eréischt dann, wa mir mat hirer zwielef Länner en Échange d'informa-tions veraccordéiert hunn, da verschwanne mir vun där berüchtgter groer Lëscht vun de soi-disant Steierparadäiser, op déi deemnächst jo ganz schaarf vun deene Grousse geschoss soll ginn.

Et ass eng delikat an eng kriddlech Aarbecht, déi elo op eis Responsabel zoukënn't. Well hannert där weltwäiter Kon-junkturkris vum Ament verstoppt sech fir eist klengt Land net méi an net manner wéi eng Existenzkris, well mir esou staark ofhängeg grad vun deem Secteur sinn, deen elo esou massiv ënner Beschoss geréit. Déi Kris musse mir - Wahlen hin, Walen hier - esou séier wéi méiglech an de Grëff kréien, well soss kéinte mir emol schwéieren Zäiten entg'eintgoen.

Här President, d'Finanzkommissioun ass der Meenung, et géife genuch Grënn, fir grad elo dëser Konventioun zouzestëmmen - dat, trotz hirem gewëssermoo'sse proviso-resche Charakter.

Ech d'äerf soen, datt och d'CSV-Fraktioun där Meenung ass. Fir de Rescht ass ze hoffen, datt et eiser Regierung an deenen nächste Wochen a Méint geléngt, hir friem Kolleegen ze iwwerzeegen, datt si um Holz-wee sinn, wa si mengen, et misst een elo vun der Krisesituatioun profitéieren, fir de Mënsch endlech total duerchsiichteg ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Thiel. Den honorabelen Här Mosar mécht dann de Rapport zu Aserbajdschan.

(Interruptions)

Rapport de la Commission des Finances et du Budget sur le projet de loi N°5799

» **M. Laurent Mosar** (CSV), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mä Rapport wäert e bësselche méi dréche gi wéi dem Kolleeg Thiel säin, well ech kann lech net mat Palmeninselen, Luxushotelen a Schipisten déngen. Dofir awer e bësselche mat Uelech a Gas.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Duebelbesteierungsofkomm'es mat Aserbajdschan läit an der Linn vun deenen aneren Duebelbesteierungsofkomm'en an no-tamment deem vun Dubai, dee jo virdu vu mengem Kolleeg Lucien Thiel extensiv vir-gestallt ginn ass. Ech brauch a wéll also net méi an den Detail vun dësem Duebelbe-steierungsofkomm'es agoen, wat de leschte 16. Juni 2006 zu Baku ënnerschriww'e ginn ass.

E Wuert vläicht zu der Republik Aserbajdschan, dat eng vun deenen opstrieuende Republik'en aus der ehemoleger Sowjet-unioun ass. D'aserbajdschanesch Wirt-schaft gëtt dominéiert duerch de Pétrol an de Gas. Et ass dann och d'Exploitiatioun vum Pétrol am Kaspesche Mier, déi 70% vun den Exportatiounen vun dëser Republik duerstellt. Am Joer 2003 sinn insgesamt d'Pétrolsreserven op siwe Milliarde Barrel geschätzt ginn, wat am Ganzen 0,6% vun de Weltreserven ausmécht.

Och d'Gasreserven am Land sinn äusserst important, wat dann och Aserbajdschan er-laabt, seng strategesch Situatioun ausze-bauen, andeem et de Gasmonopol vu Rus-sland a Fro stellt.

Aserbajdschan huet duerfir eng reell Impor-tenz net nëmme fir d'Europäesch Unioun, mä och fir Lëtzebuerg, well duerch déi enorm Pétrols- a Gasreserven eng Alternativ zu Russland besteet.

Här President, wat sinn elo déi wesentlech Punkte vun dësem Duebelbesteierungsof-komm'es? Dëst Ofkomm'es inspiréiert sech, wéi dat och scho virdu vum Kolleeg Thiel gesot ginn ass, haaptsächlech um OCDE-Modell, mä gesäit awer och eng Rei Spezi-fissitéite vir, déi eiser Steiergesetzgebung Rechnung droen.

Ee Punkt, op deen ech awer kuerz wéll agoen, well e sech ënnerscheet par rapport zu aneren Duebelbesteierungsofkomm'en, och deem vun Dubai, ass, datt an dësem Ofkomm'es d'Pensiounen vu physesche Per-sounen an deem Land besteiert ginn, wou de Bénéficiaire sai Wunnsätz huet. Dës Dis-positioun ass zwar konform par rapport zum OCDE-Modell, mä derogéiert awer zu der üblecher Praxis, déi bis elo an aneren Duebelbesteierungsofkomm'es suivéiert ginn ass.

Dëst huet dann och zu enger Kritik vum Statsrot gefouert, deen d'Regierung a sen-gem Avis opgefuerdert huet, an Zukunft erëm déi traditionell Dispositiounen virzege-sinn, nämlech déi, datt d'Pensiounen do be-steiert ginn, wou se och ausbezuelt ginn.

Allerdéngs muss een hei awer och nach eng Kéier preziséieren, datt déiselwecht Dispositioun, wéi se elo hei an dëser Kon-ventioun festgeschriww'e gëtt, och an enger Rei, zwar nëmmen enger ganz limitéierter Zuel vun Duebelbesteierungsofkomm'es virkënn't, wéi zum Beispill an deem mat Däitschland.

E leschte Punkt, op deen ech dann nach ganz kuerz wollt agoen, ass deen, dann och contrairement zu deem, wat ëmmer erëm an Duebelbesteierungsofkomm'es festgehal-e gëtt, nämlech datt d'Holdingen net an de Champ d'application falen, hei op spezielle Wonsch vun der aserescher Regierung erausgehallt ginn ass, dat heescht, datt an dësem ganz konkrete Fall déi Holdingsge-sellschaften an dëse Champ d'application falen.

Heizou wéilt ech allerdéngs betounen, datt dës Dispositioun keng allze laang Liewens-dauer méi wäert hunn, well jo bekannter-weis den Holdingsregime d'nächst Joer den 31. Dezember definitiv wäert auslafen an et no deem Datum also keng Holdingsgesell-schafte méi hei am Land wäerte ginn.

Dat gesot, Här President, géif ech lech ëm Är Zoustëmmung zu dësem Projet bieden a mam gudden Beispill virgoen, andeem ech den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet!